

Lëtzebuerg, den 03/12/2024



Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- Den obligatoresche Militärdéngscht gouf mam Gesetz vum 29te Juni 1967 ofgeschaaft an zënter méi wéi 50 Joer gëtt kee Mënsch an eisem Land méi géint säi Wëlle gezwongen, fir der Arméi bäizetrieden;
- Verschidde Stëmme an der Gesellschaft souwéi an der Politik schwätzen sech dofir aus, fir den obligatoresche Militärdéngscht erëm anzeféieren;
- et läit un der Politik, fir weider Iwwerleeungen ze féieren an Efforten ze maachen, fir d'Attraktivitéit vum Beruff vum Zaldot ze verbesseren an et existéieren nach genuch Alternativen, Méiglechkeeten a finanzielle Spillraum, fir dëst politesch ze maachen;

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. den obligatoreschen Militärdéngscht net anzeféieren.



Marc Goergen

